1-2018-O-1-5483-01 (n°2999)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2019

Depot: Fernand Kartheiser

RESOLUTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierte

stellt fest,

- datt den Internetsite (www.chd.lu) ewéi och den internen „Portail" (www.portail.chd.lu) vun der Chamber nëmmen op Franséisch ugeluecht sinn;

erënnert dorun,

- datt Lëtzebuerg dräi administrativ Sproochen huet, eng dovun ass d'Nationalsprooch Lëtzebuergesch;
- datt et och Leit zu Lëtzebuerg ginn, déi net esou gutt oder esouguer kee Franséisch kënnen;
- datt grad d'Lëtzebuerger Sprooch och op den Internetsäite vun der Chamber vertruede si muss, virun allem och op där ëffentlecher, fir de Wäert an d'Bedeitung vun der Lëtzebuerger Nationalsprooch ze ënnersträichen an ze stäerken;

notéiert,

- datt d'Chamber, als eng vun deene wichtegste staatlechen Institutioune vum Land, hir ëffentlech Aarbecht esouwäit ewéi nëmme méiglech an deenen dräi administrative Sproochen no baussen droe soll;
- datt, ganz am Sënn vun der Promotioun vun der Lëtzebuerger Sprooch, besonnesch de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen am Kontakt mat de Bierger soll ausgebaut a gestäerkt ginn, woufir d'Lëtzebuergescht op alle staatlechen Internetsäiten eng fest a prominent Plaz soll kréien;

decidéiert:

- datt den Internetsite vun der Chamber an Zukunft an deenen dräi administrative Sproochen, also och op Lëtzebuergesch an Däitsch, muss ugeluecht ginn;
- datt och elo scho Kontributiounen op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch um Internetsite www.chd.lu publizéiert gi sollen;
- datt d'Chamber sech mëttelfristeg déi personell an aner néideg Moyene gëtt, fir hir Internetsäiten an deenen dräi administrative Sproochen ze bedreiwen.

Fernand Kartheiser